

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden:

„Verschidde Gemengen, déi zanter 1970 fusionéiert hunn, hunn sech am Laf vun der Zäit – am Respekt vum modifizéierte Gesetz vum 23. Juni 1972 betreffend déi national Emblemer - en neit Wope ginn. D'Commission héraldique vum Staatsministère – déi aus unerkannten Experten op dësem Gebitt zesummegeallt ass - beréit d'Gemenge bei der Kompositioun vun engem aktualiséierte Wopen. E Wopen ass net nëmmen eng Traditioun, déi esou al ass wéi eist Land a seng Gemengen selwer, ma en ass och ganz wesentlech fir enger Fusiounsgemeng hir kulturell Identitéit ze schäerfen.

Vill Gemenge ginn sech dann och mëttlerweil e Logo, fir hir visuell Identitéit no baussen ze kommunizéieren. E frëschen, professionellen Optrëtt ass hautdesdaags fir d'Gemenge vun grousser Bedeitung, ma et gëtt etlech fusionéiert Gemengen, déi sech trotz dëser Entwécklung en neie Wope ginn hunn, dat ënner anerem fir hir kulturell Egenaart z'ënnersträichen an op hir eege Geschicht hinzewiesen.

Virun deem Hannergrond wollt ech dem Här Staatsminister folgend Froe stellen:

- Wéi dacks ass an de leschte Joren déi heraldesch Kommissioun zesummekomm, fir fusionéiert Gemengen an deem präzisen Zesammenhang ze beroden?*
- Wat fir eng Gemengen hu sech zanter 1970 - no der Fusioun - en neie Wope ginn? War dat op hir eegen Ufro hin oder huet déi heraldesch Kommissioun selwer e Virschlag gemaach?*
- Wéi gesäit déi genee Prozedur aus, déi et ze respektéiere gëllt, fir en neie Wopen z'entwerfen an definitiv op nationalem Plang ze verankeren?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Wat ënnerscheet, rechtlech gesinn, de Wopen vum Logo? Ass de Logo genee sou „offiziell“ wéi ee Wopen?*
- *Ginn et ënnerschiddlech Strofen bei engem net geneemegte Benotzen vun engem Gemengelogo oder engem Gemengewopen?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten